GEMENG
RAMMERICH

# RAMMERICH MÉCHT MOBIL

## FUER VËLO, MIR ËNNERSTËTZEN DECH






## *Clever fueren, Sue spueren*

De Gemengerot huet eng Prime agefouert fir de Kaf vun engem neie Vëlo oder engem neien elektrisch ënnerstëtzte Vëlo (pedelec25) ënnert folgende Konditiounen ze encouragéieren:

### Persounen, déi op d'mannst 18 Joer hunn:

| | |
|---|---|
| Montant: | 50% vun der staatlecher Prime |
| Dokumenter déi bei der Ufro mussen dobäileien: | • Formulaire dee vollstänneg ausgefëllt ass (disponibel op www.rambrouch.lu)<br>• Rechnung vum kaafte Vëlo/Pedelec25<br>• Attestatioun vun der staatlecher Bäihëllef |
| Effet vun der Bäihëllef vun der Gemeng: | Zertifikater betreffend déi staatlech Prime, déi nom 31. Dezember 2019 ausgestallt goufen |

### Kanner a Jugendlecher am Alter tëschent 4 an 18 Joer :

| | |
|---|---|
| Montant: | 50€ pro neie Vëlo |
| Dokumenter déi bei der Ufro mussen dobäileien: | • Formulaire dee vollstänneg ausgefëllt ass (disponibel op www.rambrouch.lu)<br>• Rechnung vum kaafte Vëlo |
| Effet vun der Bäihëllef vun der Gemeng: | Vëloen déi nom 1. Juli 2020 kaaft goufen |
| Konditiounen: | En Délai vun op d'mannst 2 Joer muss tëscht zwou Ufroe fir eng finanziell Bäihëllef leien beim Kaf vun engem Vëlo fir dat selwecht Kand. |

D'Gemengebäihëllefen ënnerleien nach folgende Restriktiounen:

- Si gëllen nëmmen fir Leit déi um Territoire vun der Gemeng Rammerich wunnen
- Si mussen zréckbezuelt ginn wann se accordéiert goufen op Grond vun falschen Angaben.

**ADMINISTRATION COMMUNALE DE RAMBROUCH**

19, rue Principale
L-8805 Rambrouch

www.rambrouch.lu